

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Meisch.

3. **Projet de loi 4739 sur les enquêtes techniques relatives aux accidents et aux incidents graves survenus dans les domaines de l'aviation civile, des transports maritimes et du chemin de fer**

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. Claude Meisch (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4739 handelt haaptsächlech ëm d'Kritären, ënnert deenen eng technesch Enquête am Fall vun engem gréisseren Akzident oder gréisseren Tëschefall an der ziviler Loftfaart, den Transports maritimes oder op der Eisebunn soll gemaach ginn.

De Projet de loi baséiert sech op d'Direktiv 94/56/CEE vum 21. November 1994, déi sech allerdéngs nëmmen op d'Akzidenter an d'Tëschefäll an der Aviation civile beschränkt huet. D'Regierung ass op de Wee gaangen, fir déi aner Transportméiglechkeeten an dëse Projet de loi matanzebezéien.

Am Ursprung hat d'Regierung geduecht, dës Direktiv iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal ze transposéieren, ass allerdéngs do op d'Opposition vum Statsrot gestouss, dee gesot huet, déi legal Basis fir dee Règlement grand-ducal géing feelen, esou datt mer elo dëse Projet de loi vun der Regierung virgeluegt kritt hunn.

Den Objektiv vun dësem Projet de loi ass net, fir Feeler, respektiv Responsabilitéiten ze klären am Fall vun engem Akzident, mä et geet hei eenzeg an eleng dorëm, fir d'Prevention vun esou Akzidenter oder Tëschefäll kënnen ze verbesseren. Et soll also festgestallt ginn, wat d'Ursaache vun engem Akzident oder engem Tëschefall sinn, an doropshi solle Recommandatiounen formuléiert ginn, fir an Zukunft esou Evénementen kënnen ze verhënneren.

Dofir ass virgesinn am Gesetzesprojet, datt bei all Enquête soll e schrëftleche Rapport publizéiert ginn. De Gesetzesprojet gesäit vir, a wat fir enge Fall vun Akzidenter oder Tëschefäll esou eng Enquête soll gemaach ginn an explizéiert och ganz genau d'Konditiounen, ënnert deenen esou Enquêtë mussen oflafen.

Et gëtt, fir déi Enquêtën ze maachen, eng Entité d'enquête kreéiert, déi déi Enquêtë soll initiéieren an och surveilléieren. Déi Entité d'enquête steet ënnert der Tutelle vum Transportminister. Esou eng Entité d'enquête désignéiert dann am Fall vun engem Akzident d'Enquêteuren. Déi kënnen Member si vun där Entité d'enquête, mä dat muss awer net de Fall sinn.

Well mer hei zu Lëtzebuerg jo an engem relativ klengen Land sinn a mer alleguer hoffen, datt esou Akzidenter,

respektiv Tëschefäll, sief et an der Loftfaart, sief et an der Schëfffaart oder sief et op der Eisebunn, ganz seele virkommen, ass d'Regierung op de Wee gaangen, fir eng relativ soupel Struktur hei ze schafen amplaz vun enger Administratioun, déi jo noutgedrungen nëmmen heiansdo eng Missioun wäert hunn. Dofir ass virgesinn, datt och auslännesch Organisme kënnen mat enger Enquête beoptraagt ginn. Si müssen dofir natierlech déi néideg Accréditatioun kënnen virweisen. D'Membere vun där Entité d'enquête, wéi och d'Enquêteure sinn duerch dëst Gesetz un d'Berufsgeheimnis gehalen.

Fir datt déi Enquêtën an aller Onofhängegkeet kënnen gemaach ginn, souwuel vis-à-vis vum Transportministère wéi och vis-à-vis vun de Propriétaires an den Exploitanten vun deenen Transportmëttel, sinn eng ganz Rei vu Prérogativë vun deenen Enquêteure virgesinn, dat heescht, Rechter, deene si sech kënnen bei hiren Enquêtë sécher sinn. Esou muss se op den Tatort vun deem Akzident kënnen goen. Et ass deene meeschte Leit, déi do näischt verluer hunn, net erlaabt, dat ze maachen. D'selwecht müssen och d'Propriétaires an d'Exploitanten vun den Transportmëttel garantéieren, datt se déi Dokumenter oder Renseignements konservéieren, déi der Enquête kënnen nützlich sinn.

Den Avis vun der Chambre de Commerce zu dësem Projet de loi war duerchaus positiv, an et gëtt bemierkt, datt de Projet de loi sech net nëmmen op d'Loftfaart beschränkt, mä och den Transport maritime an d'Eisebunn matabezitt.

Den Avis vum Conseil d'Etat proposéiert eng ganz Rei vun Amendementen, déi d'Kommissioun gréisstendeels tel quel iwwerholl huet. Haaptsächlech huet sech de Conseil d'Etat awer dohigehend ausgeschwat, datt misst opgepasst ginn, fir Interferenzen ze vermeiden tëschent enger technescher Enquête, wéi se hei am Projet de loi virgeschriwwen ass, an enger Enquête judiciaire. Et soll also op kee Fall gemengt ginn, et géife mat dësem Projet de loi Structure geschaaft ginn, fir Feeler, respektiv Responsabilitéiten ze klären. Dofir ass d'Kommissioun och op de Wee gaangen, fir den Artikel 1 deemtspriechend ëmzeänneren, dat op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat, wou ganz kloer nach eng Kéier zrëckbehalen ginn ass, datt et hei eenzeg an eleng drëms geet, fir d'Sécurité ze assuréieren a fir Akzidenter an Zukunft entgéintzewirken.

Ech géing lech bidden, dësen Text ze stëmmen, a selbstverständlech hoffen ech, datt mer an Zukunft esou mann wéi méiglech dovun musse Gebrauch maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ady Jung agedroen. Den Här Jung huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ady Jung (CSV).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mat vill Verspéidung setze mer mam Projet de loi 4739 d'europäesch Direktiv 94/56/CEE an nationaalt Recht ëm, eng Verflichtung, déi spéitstens am November 1996 hätt missen erfëllt ginn.

Dës Verspéidung ass deelweis bedingt, well de Statsrot engersäits eréischt am Mäerz 1998 mat engem Projet de règlement grand-ducal befaasst gouf, deen dës Direktiv sollt ëmsetzen, dorophin awer eng Opposition formelle ausgesprach huet mam berechtigten Argument, datt d'Ëmsetze vun der Direktiv nëmmen duerch e Gesetz ka geschéien.

Ouni wëllen a weider Eenzelheeten anzegoen, déi de Rapporteur esouwuel a sengem schrëftleche wéi och a sengem mëndleche Rapport op eng ausféierlech Manéier duergeluegt huet, woufir ech him am Numm vun der CSV-Fraktioun félicitéieren, sou wëll ech trotzdeem op d'Wichtegkeet vun dësem Gesetz hiweisen.

All gudden Dag héiere mer iwwer Akzidenten an uerg Tëscheffäll, déi op de Gebidder vun der ziviler Aviatioun, vun de Schëffstransporter op de Weltmieren, an nët zulescht och op der Eisebunn geschéien.

Et ass also wichteg, datt an all deene Fäll grëndlech ënnersicht gëtt, wat fir eng technesch Ursaachen zu dësen Akzidenten an Tëscheffäll gefouert hunn. Nëmmen iwwert déi Erkenntnisser kann een an der Zukunft weider Onfäll vermeiden, dëst am Interesse vun der Sécherheet vun deene Leit, déi déi Transportmëttel benotzen, awer och vun deene Mënschen, déi am Ëmfeld vun esou Katastrophe kënnen a Matleedenschaft gezu ginn, net ze schwätze vun deenen Ëmweltschied, déi dacks och nach doduerch entstinn.

D'Obligatioun, seriö Enquëten auszuféieren an och uschlëssend bekannt ze maachen, d'Onofhängegkeet, d'Onbefaangenheet an eng entsprechend héich Qualifikatioun vun den Enquëteuren, sou wéi och d'fundamental Rechter, déi hinne et erlaben, hir Missioun ze erfëllen, gi mat dësem Gesetz festgeluegt.

Well mer als klengt Land net iwwer all Strukture verfuegen, fir esou technesch Enquëten ze maachen, sou kann den Transportminister vu Fall zu Fall decidéieren, fir op Expären, respektiv Organismen, déi vun der Europäescher Unioun unerkannt sinn, zréckzegräifen.

Begrëssen di mer och, datt den Transportminister net eleng d'zivil Aviatioun, mä och de Verkéier op der Bunn an d'Mieresschëfffahrt an dëst Gesetz agebonnen huet. Wa mer vu Mieresschëfffahrt schwätzen, si mir als Lëtzebuerg wuelverstanen an esou färe beträff, wéi et sech ëm Schëffer handelt, déi ënner Lëtzebuurger Pavillon maritime immatrikuléiert sinn.

Wat d'zivil Aviatioun betrëfft, läit e Projet de règlement grand-ducal bäi, dee sech mat spezifischen Eenzelheete vun dësem Secteur befaasst. Wëschenswäert bleift et,

datt esou bal wéi méiglech och fir déi zwee aner Gebidder entsprechend groussherzoglech Reglementer ausgeschafft ginn.

Ofschlëssend, Här President, wëll ech am Numm vun der CSV-Fraktioun matdeelen, datt mir eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Merci, Här President, no deenen zwee Rapporte wëll ech net nach en drëtte Rapport an der Diskussioun hei bäifügen. Ech wëll den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn, wat e wichteg Projekt ass, fir eng Entité d'enquête anzesetzen an der Aviation civile. Mir fannen et och positiv, datt d'Regierung proposéiert, dat Gesetz auszedehnen op de Secteur maritime an op d'Eisebunn.

Ech wënschen dem Minister eng glécklech Hand, wann en déi Entité d'enquête do asetzt, an ech hoffen, datt mer se ni brauchen hei zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner huet den Här John Schummer d'Wuert.

M. John Schummer (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu menger Säit dem Rapporteur Claude Meisch merci, deen eis en excellenten, souwuel schrëftleche wéi mëndlechen, Rapport virgeluegt huet. Deem bleift näischt bäizefügen, an ech géing heimat den Accord vun der Demokratescher Fraktioun bréngen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech hei am Numm vum ADR all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn.

Mir wëssen, dass och eist Land dëst Gesetz erausbréngen muss weinst enger europäescher Direktiv vun 1994. Mir fannen et och richtig, dass d'Regierung am Kader vun dësem Projet nët nëmmen de Loftverkéier regléiert, esou wéi d'Direktiv et virgesäit, mä och den Transport um Waasser an op der Schinn. Hei geet et drëm, déi technesch Enquëten ze organiséieren bei Onfäll oder kriteschen Tëscheffäll.

Et gesäit een awer, dass et deene verschiddene Regierungen net liicht gefall ass, dës europäesch Direktiv a Lëtzebuurger Gesetz ëmzesetzen. Well vun 1994 un huet et siwe Joer gedauert, bis mer elo haut iwwert dësse Projet schwätze kënnen.

Zum Text selwer, dee schon am Detail hei virgestallt ginn ass, ass net vill méi ze soen. Ausser, dass heimat d'Méiglechkeet geschafe gouf, de Problem mat Reglementer ze regléieren, Reglementer, déi mer awer menges

Wëssens nach net matgedeelt kritt hunn, ausser engem eenzege vu véier, déi ze huele sinn, an ouni déi dëst Gesetz net funktionéiere kann.

Et ass fir den ADR kloer, dass muss wéinst der technescher Komplexitéit bei Bedarf op auslännesch Spezialiste vum Fach zrëckgegraff ka ginn. Et ass och fir den ADR kloer, dass dës qualifizéiert Experten onofhängeg hir Aarbecht maache kënnen, ouni awer domat déi national geriichtlech Enquête mat der technescher Säit ze vermëschen. Mir wäerten also bei der Ausschafung vun de Reglementer oppassen, dass dës wichteg Kritäre respektéiert bleiwen.

Datselwecht gëllt fir déi Reglementer, déi et dem Transportminister erlabe sollen, déi richteg Leit fir dës technesch Kontroll ze bestëmmen an dat Ganzt dann am Detail ze organiséieren.

Här President, den ADR ass mam Projet averstanen, wat seng Ziler ugeet, déi erreecht solle ginn, a mam Prinzip, wéi dat gemaach gëtt. Dofir wëll ech d'Zoustëmmung vum ADR zum Projet hei ginn.

Merci!

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir hu glat kee Problem mat dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bisdorff als leschten Diskussionsriedner.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, erlaabt mer, dëse Projet an engem e bëssen anere Liicht ze gesinn, wéi dat elo hei duergestallt ginn ass. Et soll drëm goen, fir eng technesch Ënnersichung ze maachen, wa bei Transporter an der Loft, um Schëff oder op der Schinn Accidenter oder Zwëschefäll geschéien. Do, wou awer déi gréisste Gefore sinn, dat heescht um Stroossetransport iwwer Camionen, ass esou eng Enquêtekommissioun net virgesinn.

Mir kennen all déi Problemer, déi an deene leschte Méint opgetratt sinn, besonnesch bei den Tunnellen a bei der Duerchfahrt vun den Tunnellen duerch d'Alpen, a wat fir eng grouss Schied an och Doudesfäll a Verwonter do entstane sinn.

Et ass och esou, dass de gréissten Deel vun deenen Transporter – mengen ech – iwwert Strooss geet, an dass doduercher kaum een Dag vergeet, wou net en Accident oder en Zwëschefall antrëtt. Leider ass d'Obligatioun, fir ze ënnersichen, wat d'Ursaachen vun den Accidenter waren a fir ze verhënneren, dass se an Zukunft weider optrieden, net op de Stroossetransport ausgedeeent ginn.

Wat elo d'Uwendungen ubelaangt, wéini esou eng Ënnersichung gemaach gëtt, feelt menger Meenung no an deem Text och dat, wat sech op Ëmweltschied bezieht.

Ënnersichunge si virgesinn, wann also en Accident geschitt, wou Doudesfäll, schwéier Verletzungen, Verbrennungen, oder souguer och nëmmen Verletzungen, déi net dältlech sinn, mä déi Verloscht vu Blut oder sou mat sech bréngen, ze bekloe sinn. Alles dat ass opgezielt. Da ginn esou Ënnersichunge gemaach, awer wann et drëm geet, dass Ëmweltschied geschéien, wéi zum Beispill bei Tankeren, déi hir Ladung verléieren – Petroll oder aner geféierlech Substanzen –, ass net explizit gesot, dass dat ënnert d'Applicatioun vun dësem Gesetzestext fällt, an dofir huet en – mengen ech – eng ganz grouss Lacune. Et wär absolut noutwendeg, och d'Ëmweltschied als eenzel Fäll, wou sou enger Ënnersichung gemaach muss ginn, opzeféieren, och dann, wann keen Doudesfall a kee Verwonter ze bekloe ass.

Dat eenzeegt Positivt – enfin vläicht net dat eenzeegt, mä eppes Positives an deem Text ass, dass déi Rapporten, déi do vun deenen technesche Kommissiounen gemaach ginn, archivéiert ginn, an dass déi dann dem Publikum zougänglech gemaach ginn.

Mat deenen Aschränkungen, déi ech elo grad gemaach hunn, a mat deene Bemierkungen, déi déi Lacunen opwerfen, déi an dësem Gesetzestext sinn, géif ech awer meng Zoustëmmung zu dem Gesetz selwer ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, ech ka mer nëmmen zu der Eestëmmegkeet an dësem Haus, wat dëse Projet betrëfft, félicitéieren, allen Intervenante merci soen a mech deem uschleissen, wat d'Mme Delvaux gesot huet: "Hoffentlech brauche mer dëst Gesetz ni am Konkreten."

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Gesetzesprojet 4739.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz,

Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Geht d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mer komme lo zur Diskussioun vum Projet de loi 4559, eng Konventioun iwwert d'Schafung vum Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Jung, Zanussi, Greisen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'honorabel Mme Agny Durdu.

4. Projet de loi 4559 portant approbation de la Convention portant création du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme (CEPMMT) et du Protocole sur les privilèges et immunités du Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme, signés à Bruxelles, le 11 octobre 1973

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet dréit et sech drëm, fir an déi national Gesetzgebung eng Konventioun vum 11. Oktober 1973 ze iwwerhuelen, déi zu Bréissel ënnerschriwwen ginn ass, a bei där et ëm d'Schafung vum engem Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme geet.

Dës Konventioun gesäit a sengen eenzelnen Artikelen vir, wéi dësen Zentrum geschafe gëtt, wéi en a sengem Conseil funktionéiere soll, a wou de Siège ass, nämlech zu Shinfield Park an England.

Am opschlossrächsten an am interessantesten an dëser Konventioun sinn déi Artikelen 2 an 3, déi duerstellen, wat den Objektiv vun dësem Zentrum ass. Dee soll nämlech dozou bestëmmt sinn, fir meteorologesch Donnéeën ze sammelen, ze analyséieren a probéieren ausbauen, andeem déi meteorologesch Kenntniss verbesseert an och nach méi prezisiéiert ginn.

Den Artikel 3 gesäit och vir, dass dësen Zentrum mat alle State schaffe soll, souguer deenen, déi net Member vun dëser Konventioun sinn, an och mat allen Organisatiounen, sief se gouvernemental oder net, fir déi Kenntniss, déi do gesammelt ginn, ëmsetzen a besser verschaffen ze kënnen.

Interessant ass an dësem Domän, datt ausdrécklech virgesinn ass, dass all Personal, wat an dësem Beräich schafft, vun den Donnéeën an de Kenntniss, déi an dësem Zentrum erworbe ginn, profitéiere kënnen soll, an dass och all Staten an all Organisatiounen op d'Kenntniss vun dësem Zentrum zréckgräife kënnen. Dësen Zentrum ass dofir geduecht, fir déi meteorologesch Kenntniss ze verbesseren, ze verfeinere an och wëssenschaftlech Analysen an deementspreechend Publicatiounen ze maachen, fir dass all déi Kenntniss an der Zäit analyséiert kënnen ginn.

Et kann ee sech d'Fro stellen, fir wat dass mer als Land dës Konventioun net éischter adoptéiert hunn, vu dass se vun 1973 datéiert, an dass am Fong geholl d'Lëtzebuerger Land bei der Ausaarbechtung vun dëser Konventioun ganz aktiv dobäi war.

Meteorologesch Kenntniss ze hunn ass fir eist Land vu gréisster Bedeitung, well dës Servicen extrem wichteg sinn, wann et drëm geet, fir d'Agrikultur, awer och fir de Service de la Protection civile déi néideg Donnéeën gewor ze ginn an eventuell déi néideg Mesuren an deenen eenzelne Beräicher ze ergräfen. Ech denken eleng nëmmen un d'Situatioun vum Findel an un déi verschidden Donnéeën, déi een do ganz bestëmmt néideg huet.

Mat dësem Projet de loi, dee mer hei adoptéieren, ass et dann och esou, datt Lëtzebuerg ganz offiziell seng positiv Attitude zu dësem Zentrum bréngt an natierlech och seng finanziell Contributioun. Mir profitéieren nämlech ewell zënter längerem vun all deenen Avantagé vun dësem Zentrum, an dofir mengen ech, ass et och nëmme logesch, dass mer och eisen Obulus zum Fonctionnement vun dësem Zentrum bréngen.

Gläichzäiteg zu dësem Gesetzesprojet gëtt mat dësem Projet awer och de Protokoll iwwert d'Immunitéiten an d'Privileg vun dësem Zentrum festgesat. Béid Texter, sougutt d'Konventioun wéi dëse Protokoll, sinn an der Economie- an Transportkommissioun vun der Chamber